



**Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7112 vum 3. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

1. Kann d'Ministesesch bestätegen, dass de Ministère d'Uweisung ginn huet, den Ueleg just un nei Patienten ze ginn?

Et ass effektiv eng Circulaire den 24. Oktober 2022 un d'Dokteren geschéckt ginn mat der Uweisung den Cannabis Ueleg just un nei Patienten ze ginn.

2. Fënnt d'Ministesesch net, dass heimat eng Zwouklassemédezin entsteet, déi nei Patiente géigeniwwer ale Patiente bevirdeelegt?

De Choix, fir d'Ueleger de neien Patienten virbehalen, ass engersäits duerch den aktuell limitéierte Stock zeréck ze féieren, an anerersäits gëtt ugeboden, fir e Produit, dee nach nët vun den Dokteren genotzt ginn ass, progressiv anzeféieren (an eng parallel Verschriewung vu Bléien an Ueleger opmannst ufänglech ze verhënneren.) Dës Limitatioun ass temporaire an ass just eng éischt Etapp déi et erlabe soll, de reelle Besoin un Ueleg vum Terrain z'évaluéieren.

3. D'Ministesesch huet an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 6864 erkläert, dass een d'Konsummatiounszone vum September géing ofwaarden, fir nei Bestellungen fir de Cannabis Ueleg.

Huet d'Ministesesch dës Zuele méttlerweil?

Bis op den 30. November 2022 sinn 6 Fläschchen Cannabis-Ueleg aus dem Stock erausgangen.

Wa jo, si schonn nei Bestellungen getätegt ginn? Wa nee, wéini sollt de Ministère dës Zuele kréien?

Et sinn aktuell kéng nei Bestellungen geplangt wëll ofgewart gëtt wéi d'Consommation an deenen nächsten Wochen evoluéiert.

4. Falls méttlerweil weider Bestellungen un Cannabis Ueleg getätegt gouf, wat fir Quantitéite goufe bestellt a wéini sollen dës viraussichtlech geliwert ginn?

Wéinst déi limitéierter Disponibilitéit un Cannabis Ueleg ass d'Evaluatioun vum reelle Besoin nach amgaang.



5. Wat fir ee Stock un medezineschem Cannabis (opgelëscht no de Bléienarten an Ueleg) huet Lëtzebuerg momentan (Stand 1.11)?

Cannabis	Referenz	Stock (stand 21.11.2022)
Ueleg	THC25%, 25ML	98 flacons
	THC10%/CBD10%, 25ML	248 flacons
	THC5%/CBD20%, 25ML	79 flacons
Bléien	THC18%, 15GR	551 sachets (476 sativa, 75 indica)
	THC9%/CBD9%, 15GR	950 sachets

Lëtzebuerg, den 30. November 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert